LU

GEMENGEROT
VUM 25. NOVEMBER 2022

Present: De Buergermeeschter, Félix Eischen (CSV), d'Schäffen, Marc Bissen (LSAP) a Romain Kockelmann (CSV), d'Gemengeconseilleren, Larry Bonifas (déi gréng), Guy Breden (CSV), Nathalie Heintz (LSAP), Natacha Koch (CSV), Guy Kohnen (CSV), Patrick Krecké (DP), Claudine Meyer (LSAP) an André Noesen (déi gréng) ; de Gemengesekretär, Marco Haas

Entschëllegt: /

Ufank vun der Sëtzung: 08.30 Auer

Mat Ausnam vun de Punkten 1 bis 3 ; 5 an 11, sinn all Punkte vum Ordre du Jour eestëmmeg ugeholl ginn.

ËFFENTLECH SËTZUNG

MATDEELUNGEN

D'Conseillère Nathalie Heintz (LSAP) mécht de Rapport aus der Iwwerwaachungskommissioun vun der UGDA, wou 1.000 Aschreiwunge méi gezielt gi sinn wéi dat läscht Joer, wat drop zréckzeféiere wier, datt de Präis vu 600 op 100 € zréckgaangen ass. D'Depense leie bei 6.206.000 €, vun deenen der 933.000 op d'Gemeng Kielen kommen. Dann ernimmt si eng "App" déi de Moment vun der Ugda ausgeschafft gëtt, iwwert déi een sech selwer umelle kann.

De Schäffe Romain Kockelmann (CSV) geet op d'Budgetssëtzung vum Comité vum SIDERO an, déi fir 2022 am rektifizéierten ordinäre Budget e Benefice vun 146.613 € hat, wat zesumme mam Boni vun 2021 vun 112.141 € en Total vun 258.755 € gëtt. Am extraordinäre Budget gouf et e Mali vu 14.012.741 €. Wann een de Mali vum Gesamtboni vun 2021 vu 40.298.783 € ofzitt, da bleift e Gesamtboni fir 2022 vu 40.286.042 €.

Fir 2023 gesäit de Budget am Ordinäre Recette vun 23.146.696 € an Depense vun 23.098.103 € vir, e Benefice vun 48.593 € féiert, zesumme mam ordinäre Benefice vun 2022 vun 258.755 €, op en Total vun 307.348 €. Am extraordinäre Budget si Recette vu 47.850.056 € bei Depense vun 78.857.056 € virgesinn, wat e Mali vun 31.006.999 € ergëtt. Verrechent mam Boni vu 40.286.042 € aus dem Joer 2022 stellt een e Gesamtboni vun 9.279.042 € fest.

Fir d'Gemeng Kielen si fir 2022 738.244 € ze bezuelen an e Montant fir Investitioune vun 1.424.288 €, en Total vun 2.162.532 €. Fir d'Joer 2023 sinn insgesamt als Fraise fir d'Gemeng Kielen bei dem SIDERO 2.911.718 € virgesinn, wat virun allem mam Ufank vum Bau vun der Kläranlag ze dinn huet.

Weider invitéiert de Schäffen op de Vernissage vun der Ausstellung fir 75 Joer FC Kielen, déi e Samschdeg bei der Ouverture vum Chrëschtmaart ass, a mécht eng weider Invitatioun fir op de Concert vun de Kanner an der Kierch grad ewéi och eng drëtt Invitatioun fir e Sonndeg bei Geleeënheet vum Concert-Apero vun der Kielener Musek an nomëttes vun der Young People Band. Hien erënnert och un d'Generalversammlung vum FC Kielen.

De Conseiller Guy Kohnen (CSV) gëtt Informatiounen wat d'Neizesummenstellung vum Comité vum SICA ugeet, wou de Luc Feller, 2. Schäffe vun der Gemeng Mamer, neie Präsident ginn ass an hie selwer an de Büro gewielt ginn ass. Da weist hien op de geplangten neien Zenter vum SICA hin, wat eng Investitioun vun 29 Mio. € gëtt, wou d'Aarbechte sollen 2023 ufänken. Da sicht d'SICA dréngend en neie Standuert fir de Gréngschnëtt, well d'Entreprise Hilbert fir Enn 2023 nët méi zu Mamer ka bleiwen.

Als Gemengevertrieder beim SICEC preziséiert de Conseiller Guy Kohnen (CSV) datt och zu Hamm no 20 Joer d'Raimlechkeeten ze kleng ginn. Duerfir missten no haitege Berechnungen 10,5 Mio. € hei investéiert ginn, vun deene 65 % vun de Member-Gemengen a 35 % vum SICEC finanzéiert solle ginn. D'Aarbechten sollen 2023 ufänken. Weider weist hien drop hin, datt ëmmer méi Leit, fir d'Kierfechtskonzessioun net mussen ze verlängeren, déi Verstuerwen exhuméieren an dann anäschere loossen. Wéinst technesche Problemer ass dat awer vun elo un nëmmen nach innerhalb vu fënnef Joer nom Begriefnes méiglech.

De Schäffe Marc Bissen (LSAP) geet op de Budget vum SICONA an, deen am rektifizéierte Budget 2022 e Boni vun 831.000 € virgesäit, an am Budget 2023 e Boni vun 1,9 Mio. € geplangt huet. Och sinn hei 2 Mio. € virgesinn, fir d'Verwaltungsgebai auszebauen, wat awer iwwer Eegekapital vum SICONA finanzéiert gëtt. De Joresprogramm vun der SICONA wier liicht no uewen ugepasst ginn, bleift awer beim Volume vum lëschte Joer.

D'Conseillère Claudine Meyer (LSAP) kënnt op d'Versammlung vum "Conseil National des Femmes" zréck, déi am Oktober zu Ollem war, wou dräi Fraen aus der Gemeng engagéiert sinn. Si stellt fest, datt an der Gemeng Kielen nëmmen eng Strooss no enger Fra benannt ass a si proposéiert, fir e puer vun den nächste Stroossen no Fraen ze benennen, fir de Frae méi eng grouss Presenz ze ginn.

Weider geet si op eng Versammlung zu Biereng mat de Ministere Fayot an Turmes an, wou et ëm d'Industriezonen, a méi speziell dorëm, dat beim Plange vun engem neie Gebai mat soll beduecht ginn, fir hei Solarzellen drop ze maachen, well et vill grouss Gebaier ginn, wou dat méiglech wier. Duerfir sollt een dës Installatiounen gläich mat aplangen. Weider solle bis 2025 all Firmenautoen elektresch sinn, wat och fir d'Camione soll kommen. Op där anerer Säit hätt den Här Fayot sech ugebueden, an d'Gemeng ze kommen, wann et Problemer mat Opkafe vun Terraine géife ginn.

1. Finanzservice an technesche Service – Schafe vun zwou Plaze fir Gemengebeamten an der Kategorie A, Loungrupp A2, Ënnergrupp Administratioun

Wéinst engem interne Wiessel innerhalb vum Finanzservice, engem Surplus un Aarbecht an der grousser Zuel vun Urbanismus-Dossieren, ginn zwou Plaze fir Gemengebeamten an der Kategorie A, Loungrupp A2 am Finanzservice an am technesche Service geschafen.

2. Technesche Service – Schafe vun enger Plaz fir e Gemengebeamten an der Kategorie A, Loungruppe A1, Ënnergruppe Wëssenschaft an Technik

Well e Beamten an der Loungrupp A2 aus dem technesche Service all Konditioune fir d'Karriär vun engem Gemengebeamten an der Loungrupp A1 erfëllt, gëtt esou eng Plaz am technesche Service geschafen.

3. Techneschen an Informatikservice – Schafe vun enger Plaz fir e Gemengenemployé an der Kategorie C, Loungrupp C1, Ënnergrupp Technik

Aktuell ginn all informatesch Aarbechten wéi den Informatik-Reseau vum Gemengenhaus, vum Regie-Service, der SEA, der Schoul asw.,

de System vun de Schlässer vun den Dieren, d'Alarmen an d'Feiermelder, den informatesche Support bei Manifestatiounen asw. vun engem eenzegen Employé gemaach. Duerfir gëtt hei en zweete Poste geschaf, fir d'Fonctionnement vun den Informatik-Servicer ze garantéieren a fir bei Bedarf en Ersatz ze hunn.

4. Verkaafsverspriechen an notariell Akten

4.1. Verkaafsverspriechen fir d'Uschafe vun enger Parzell zu Keespelt

Hei geet et em en Deel vun der Kadasterparzell Nr. 818/3006 an der Rue de Kehlen zu Keespelt mat enger Surface vun 0,02 Ar, déi d'Gemeng Kielen keeft.

4.2. Compromis fir d'Tausche vun Terrainen zu Kielen

Bei dësem Tauschverspriechen tauscht d'Gemeng Kielen mat der Famill Hilgert-Schmit vun Ollem, Terrainen "in der Gruf" zu Kielen mat de Kadasternummeren 1286/7488 (5,38 Ar) 1266/7486 (28,08 Ar), 1267/3993 (212,20 Ar), 1267/3994 (12,60 Ar) an 1268/3995 (22,30 Ar) an Terrainen "In Dintgen" zu Kielen, déi net fir de Veloswee tëschent Kielen a Keespelt gebraucht ginn, mat de Kadasternummeren 1296/7224 (24,36 Ar), 1298/7226 (34,57 Ar) an 1298/7228 (32,13 Ar), géint Terrainen an der "Schaar" zu Kielen mat de Kadasternummeren 1328/5705 (87,80 Ar), 1328/6926 (9,92 Ar) an Terrainen "in der Gruf" zu Kielen, déi fir de Veloswee tëschent Kielen a Keespelt gebraucht ginn, mat de Kadasternummeren 1265/7211 (10,01 Ar) an 1284/7219 (2,95 Ar) an enger Parzell zu Keespelt "Im Widem" mat der Nummer 822/3486 (6,15 Ar), déi och fir de Veloswee gebraucht gëtt.

5. Policereglement – Ännere vun den Artikelen 21 a 24

Den Artikel 24 vum Policereglement hält fest, datt Radio, Televisioun an all aner änlech Apparater nëmmen bannen an de Wunnengen bei zouenen Dieren a Fënsteren an der Lautstäerkt vun engem Gespréich dierfe benotzt ginn. Dëst gëllt och fir Museksinstrumenter, Gesank oder Deklamatioun. Um Balcon oder am Fräien dierfe si nët benotzt ginn, wann Drëtter méiglecherweis kéinte belästegt ginn.

Den Artikel 21 verbitt dëst an der Ëffentlechkeet, op Erhuelungsplazen, am Gaart, am Bësch oder an ëffentleche Parken mat Ausnam vun Apparater an Autoen, wann doduerch keen anere gestéiert gëtt.

Ee Conseiller vun déi gréng hätt gäer eng genee Definitioun vun der Lautstäerkt vun engem Gespréich an och eng Präzisioun, wou déi gemooss gëtt, virun allem wéinst der viller Aktivitéit vun der Musék, fir déi Musikanten übe missten.

6. Leader Zentrum-Westen

6.1. Konventioun iwwer d'Schafe vun der lokaler Aktiounsgrupp Leader Zentrum-Westen

De Buergermeeschter Félix Eischen (CSV) informéiert de Gemengerot iwwer d'Konventioun fir d'Schafe vun enger lokaler Aktiounsgrupp Leader Zentrum Westen, déi sech entspriechend dem EU-Reglement virun allem em d'Entwécklung vum ländleche Raum këmmere soll. Haapt-Objektiver sinn d'Schafe vun Aarbechtsplazen, de Wuesstem, d'sozial Inclusioun an d'lokal Entwécklung am ländleche Raum. De Sëtz vum Leader Zentrum-Westen ass zu Tënten. Ugeschloss sinn hei d'Gemenge Biissen, Garnech, Habscht, Helperknapp, Kielen, Käerch, Mamer, Miersch a Stengefort mat insgesamt 50.428 Awunner. D'Konventioun gëllt vum 1. Januar 2023 bis den 31. Dezember 2030 a ka verlängert ginn. De Gemengebeitrag heifir si 5 € pro Awunner a pro Joer.

6.2. Ernenne vun engem Gemengendelegéierten

A geheimer Ofstëmmung gëtt d'Madamm Nathalie Heintz (LSAP) als Gemengedelegéiert genannt.

6.2. Ernenne vun engem Ersatzdelegéierten

Bei engem zweete geheime Vott gëtt den Här Guy Breden (CSV) als Ersatzdelegéierten ernannt.

7. Pacte Logement 2.0 – Programm vum lokalen Aktiounsplang (PAL)

De Buergermeeschter Félix Eischen (CSV) geet op de lokalen Aktiounsplang am Kader vum Pacte Logement 2.0 an, deen zesumme mat engem externe Beroder vu Luxplan opgestallt ginn ass a weist op déi fir d'Gemeng erwaarte Bäihëllef vun 320.000 € hin.

D'Madamm Stephanie Ansay erkläert, wéi dee lokalen Aktiounsplang no der entspriechender Reglementatioun opgestallt ginn ass, wéi a wat bei der Evaluatioun vun den eenzelen Objeten ugepasst misst ginn, wéi beispillsweis PAG Subventiounen. Si weist op d'Cessioun vun 10 bis 15 % bei neie PAP'en un d'Gemengen an un de Staat hin an datt d'Gemengen d'Wiel tëschent Wunnenge fir de Kaf oder fir de Loyer hunn. Si ernimmt d'staatlech Subventiounen, déi fir Wunnengen, awer och fir ëffentlech Ariichtungen, Schoulen, Crèchen asw. kënne genotzt ginn. Nieft deenen 320.000 € déi schonns vum Buergermeeschter ugeschwat gi sinn, kéint d'Gemeng Kielen duerch de Lotissement Elmen d'nächst Joer ronn 1 Mio. € erwaarden. Fir Mietwunnenge sinn 2.500 € pro Joer virgesinn. D'Madamm Ansay zielt eleng fir déi éischt Phase vun Elmen 130 Wunnengen. Dëse Budget ka bis zu 50 % fir de Kaf vun Terrainen, fir Staderneierung, Gréngflächen asw. genotzt ginn oder d'Projete kënnen opgedeelt ginn. Dobäi wier den Aktiounsplang nëmmen eng Richtlinn, vun där net alles misst realiséiert ginn.

8. Konventioun mat Servior wéinst dem Service « Iessen op Rieder »

D'Konventioun mat Servior, déi vum 1. Dezember 2022 bis den 31. Dezember 2025 zielt, gesäit e.a. vir, datt d'Servior dem Endverbraucher en Iesse (Zopp, Zalot, Haaptplat an Dessert) fir 12,01 € (Index 877,01) liwwert, woubäi d'Liwwerung heem pro Menü 5,40 € (Index 877,01) kascht. Wann zwee Iessen matenee geliwwert ginn, gëtt nëmmen eng Liwwerung gerechent. De Loyer fir Induktiounskachplacke kascht 22,81 € (Index 877,01) de Mount an all Präisser sinn Index-gebonnen.

9. Konventioun mat JUKI A.s.b.l. wéinst der App « Closer »

Mat där vun der Juki a.s.b.l. entwéckelter App "Closer", déi mat de Gemengeservicer ausgeschafft ginn ass, an déi komplementar zu der Gemengenapp funktionéiert, kréien an enger éischter Phase 500 Awunner vun der Gemeng Kielen Accès op eng "Cloud" vun 10 Gigabyte an d'Méiglechkeet fir Fichiere vun 30 GB ze verschécken. Doriwwer eraus ass et méiglech, iwwer dës App ze chatten, virtuell Evenementer ze organiséieren, privat an ëffentlech Evenementer mat aneren Benotzer a mat oder ouni d'Notze vun den Informatiounen oder Infrastrukture vun den ugeschlossene Gemengen ze organiséieren oder Annoncen ze publizéieren. D'Gemeng bezilt duerfir e Forfaitsbetrag vu 25.000 € fir d'Entwécklung vun dëser App.

10. SICONA Süd-Westen – Aktiounsprogramm fir d'Joer 2023

Den Aktiounsprogramm vun der SICONA-Süd-Westen gesäit fir d'Joer 2023 Aarbechten fir insgesamt 503.216,90 € an der Gemeng Kielen vir, vun deenen 240.000 € op den ordinäre Gemengebudget falen. Virgesi sinn ënner anerem den Ënnerhalt an d'Schafe vu Biotopen fir ronn 200.000 €, 50.000 € fir Sensibiliséierung, 42.000 € fir Kartografien a Bewirtschaftungspläng, 20.000 € fir de Schutz vu bedroten Aarten an 166.000 € fir verschidden Aktiounspläng, ënner anerem d'Moerwisen op "Schéimerech" fir 43.000 €

an d'Uleeë vun engem Weier vu ronn 15 Ar op "Kréimerech" fir 98.000 €.

11. Schlussrechnung – Bau vun engem multifunktionelle Gebai fir d'Museksschoul um Schoul- a Sportcampus zu Kielen

D'Ofrechnung vum multifunktionelle Gebai fir d'Museksschoul um Schoul- a Sportcampus zu Kielen beleeft sech op 8.526.878,13 €. D'Devisen haten Depense vu 7.697.332,42 € virgesinn, déi awer wéinst dem Trafo a verschiddenen Aarbechte méi deier gi sinn, wéi de Buergermeeschter Félix Eischen (CSV) erkläert.

12. Lotissementer

12.1. Opdeele vun engem Terrain zu Nouspelt « Am Räislach »

E bebauten Terrain vun 8,21 Ar op der Kräizung Grand-Rue mat der Strooss Am Räislach zu Nouspelt soll esou opgedeelt ginn, datt de Café an dat Gebai dohanner op eegene Parzelle stinn.

12.2. Opdeele vun engem Terrain zu Ollem am Boulevard Robert Schuman

E bebauten Terrain vun 9,65 Ar um Boulevard Robert Schumann zu Ollem soll op zwou Parzelle vun 4,70 resp. 4,95 Ar opgedeelt ginn

13. MOPO-PAP an der Rue de Kopstal zu Meespelt

Nom Avis vun der Cellule d'évaluation ass den Terrain vu 57,16 Ar an der Rue de Kopstal zu Meespelt konform mam Allgemenge Bebauungsplang vun der Gemeng. Hei ass de Bau vu 7 Eefamilljenhaiser geplangt, dovun een Eenzelhaus aus dräi Duebelhaiser. Nobäi, an engem weidere Gebai, ginn dräi Wunnenge gebaut. 9,11 % vum Terrain ginn un d'Gemeng ofgetrueden.

14. Club Senior Kielen – Spezialkredit

Entspriechend der Konventioun mam Club Senior Kielen iwwerhëlt d'Gemeng Kielen den Defizit vum Joer 2021, den sech iwwer e puer Joer ugesammelt huet, a sech op 28.676,28 € beziffert. D'Gemeng geneemegt heifir en entspriechende Spezialkredit.

15. Confirmatioun vun dréngende Verkéiersreglementer vum Schäfferot

Wéinst Aarbechten un der Waasserleitung ass de Gemengewee 407 zu Keespelt vum 27. Oktober bis 23. Dezember gespaart. Wéinst der Ariichtung vun enger Verkéiersinsel am CR104A, Rue de Nospelt zu Kielen, ass hei eng Spuer gespaart an d'Parken verbueden. De Verkéier gëtt mat roude Luuchte gereegelt. Wéinst Trottoirsaarbechten op Nr. 103 um Boulevard Robert Schuman zu Ollem vum 14. November bis 25. November gëtt hei d'Strooss méi schmuel, duerfir ass d'Parken an d'Iwwerhuelen hei verbueden. An der Rue de Goeblange zu Nouspelt gëtt beim Haus Nr. 1 e Reewaasserkanal verluecht. Duerfir ass vum 17. November bis 3. Dezember dës Strooss gespaart an de Fuerverbuet an der Rue Op Bounenaker an an der Rue Iwwer dem Weier opgehuewen. Wéinst Aarbechten um Verdeeler-Reseau op 87, avenue Grand-Duc Jean zu Ollem ass dës Strooss vum 28. November bis 3. Dezember gespaart an d'Parke béidsäiteg verbueden.

GESCHLOSSE SËTZUNG

16. Kommunalen Erzéiungs an Empfangsdéngscht fir Kanner

16.1. Ernenne vun engem diploméierten Erzéier an der Kategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales, mat Klassement-Decisioun

An enger net ëffentlecher Sëtzung befaasst de Gemengerot sech mat dem Ernenne vun engem diploméierten Erzéier.

16.2. Pensionéierung vun engem Gemengebeamten an der Kategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales

Weider diskutéiert de Gemengerot an där net ëffentlecher Sëtzung iwwer d'Pensionéierung vun engem Gemengebeamten.

17. Technesche Service – Ernennung vun engem Employé an der Kategorie A, Loungrupp A2, Ënnergrupp Verwaltung, mat Klassement-Decisioun

Weider ernennt de Gemengerot an der geschlossener Sëtzung en Employé fir den technesche Service.

18. Finanzservice – Ernennung vun engem Gemengenemployé an der Kategorie A, Loungrupp A2, Ënnergrupp Verwaltung

An der net ëffentlecher Sëtzung geet et ëm d'Ernennung vun engem Gemengenemployé fir de kommunale Finanzservice.

Virstellung vum rektifizéierte Budget 2022 a vum Budget 2023.

De Buergermeeschter Félix Eischen presentéiert de rektifizéierte Budget 2022 an de Budget 2023. D'Conseilleren hunn elo 14 Deeg Zäit, fir hir Amendementer anzereechen. Duerno ginn an der Sëtzung vum Gemengerot vum 16. Dezember 2022 de rektifizéiert Budget an de Budget 2023 diskutéiert an zum Vott gestallt. Weider Detailer ginn et an der nächster Seance.